

D'Energiespuermoosname gëlle fir eis all

Am Kader vun der Kris, déi mir de Moment erliewen, huet d'Gemeng entscheet, datt si mam Beispill virgoen an a verschiddene Beräicher Entscheedungen treffe soll, déi Energie spueren. Sief dat dobaussen oder an de Gemengegebaier.

An deene Säll a Gebaier, déi der Gemeng gehéieren, gouf vum Schäfferot beschloss, d'Temperatur op 20°C erofzesetze wann se op sinn an och genotzt ginn. Ënner dës Regelung falen:

- d'Musikssäll, d'Jugendhaus, déi administrativ Gebaier (Maison Pesch, Maison Fisch, etc.), d'Gemengenhäuser, d'Kulturzentren, de Büro vum Recyclingzenter, d'Raimlechkeeten op de Fussballsterrainen an am QT, den Dëschtentnis-Sall, d'Geschichtshaus An der Uecht, d'Rout haüs, d'Rollenger Millen an de Gîte touristique (Waggon) am Fond-de-Gras.

D'Temperature ginn awer an deene meeschte Gebaier op 15°C gesat wann dat net de Fall ass. Ausname sinn do d'Kierchen, d'Raim op de Fussballsterrainen, am QT, am Sportzentrum Bim Diederich, an der Sportshal an an dem Dëschtentnis-Sall, déi op 12°C erofgesat ginn. D'Portieren an Hëllefsporiere suergen dofir, datt d'Temperatur op en akzeptable Minimum an de Gäng reduzéiert an déi virgeschriwwen Temperatur generell a gehale gëtt. Dës Regelung soll awer an de Schoulen, de Maison Relaisen an de Crèchen, wou d'Kanner quasi dee ganzen Dag ënnerwee sinn, net ëmgesat ginn.

An der Péitenger Schwämm gouf d'Waassertemperatur op 26°C am Baseng fir Net-Schwëmmer an op 28°C am Baseng fir Schwëmmer erofgesat.

D'Temperatur vum Duschwaasser, déi a verschidde Gebaier zur Verfügung stinn, ginn op e Maximum vu 35°C agestallt an et soll een och d'Duschzäite begrenzen.

D'Mataarbechter vun der Péitenger Gemeng kruten un d'Häerz geluecht, d'Spuermoosnamen op ënnerschiddlech Manéier ëmzesetzen ewéi:

- Fënsteren an Dieren zouhalen ausser wa gelëft gëtt
- Apparater ganz ausmaache wann se net méi gebraucht ginn
- Spuersam mam Waasser ëmgoen.

Wat Chrëschtbeliichtung ugeet, esou ginn an der Gemeng 4 künstlech Chrëschtbeemercher esou wéi d'Chrëschtdekoratioun am Agang vun all Uertschaft bis 23 Auer beliicht. Och d'Gemengenhäuser an d'Monumenter gi just nach bis 23 Auer beliicht.

Zesummeffaassend heescht dat:

Administrativ Gebaier a Raimlechkeeten Kulturell Gebaier a Raimlechkeeten Musekssäll Jugendhaiser Geschichtshaus Wagon gite touristique	20°C Heizkierper an de Gäng ausschalten Heizkierper an de Gäng ausschalten Dieren a Fënsteren zou halen Waasser spueren
Centre de Recyclage – Hall de Tri	Heizung um Minimum
Centre de Secours et Sauvetage - Garages	12°C
Schwämm Bim Diederich: Schwëmmerbaseng Net-Schwëmmerbaseng Raumtemperatur	Senkung vun 27°C op 26°C Senkung vun 29°C op 28°C ugepasst un d'Waassertemperaturen
Schoulen, Maison Relaisen, Crèchen an d'Musiksschoul	keng Senkung vun der Temperatur Heizkierper an de Gäng ausschalten Dieren a Fënsteren zou halen
Kierchen	18° C am Betrib / 12° C ausser Betrib
Centre nationale de Quilles et Tennis: Tennis-Hal Keelen-Hal Warmwaassertemperatur (Duschen)	ausser Betrib: 12° C am Betrib: Senkung vun 19° C op 17° C am Betrib: Senkung vun 20° C op 19° C Maximum 35° C
Bim Diederich:	ausser Betrib: 12°C am Betrib: Senkung vun 19° C op 17° C
Sportsinfrastrukturen a Raimlechkeeten	20° C am Betrib / 12° C ausser Betrib